ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
22 MARS 2019
545

Tratten, den 22. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Fréijoer wanderen d'Fräschen a Mouken op hir Laichplaz, wat normalerweis hir Gebuertsplaz ass. Dëst bréngt et dann mat sech, datt si op hirer Wanderung eenzel Stroossen mussen iwwerwannen a vill vun dësen Déiercher iwwerliewen dëst net. Méi oder wéineger sinn all dës Platze bekannt, wou si iwwert d'Strooss mussen. Eenzel Stroossen hunn een Tunnel, anerer net.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un déi Häre Ministeren:

1. Gëtt ee Relevée vun all dëse Stroossen, wou d'Fräschen driwwer wanderen?
2. Wa jo, wéi gesäit dësen aus?
3. Wär den Här Minister bereet, kuerzfristeg op eenzel Stroossen en Tunnel unzebrénge bei eenzele Passagen, déi ons bekannt sinn, ewéi tëschent Mamer-Dippech, Foulscht-Préizerdaul oder Wäisswampech-Wilwerdang?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 03 MAI 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 MAI 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet :** Question parlementaire 545

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°545 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

130-000008 2004025-FR

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten un d'parlamentaresch Fro n°545 vum 22. März 2019 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen**

*« Am Fréijoer wanderen d'Fräschen a Mouken op hir Laichplaz, wat normalerweis hir Gebuertsplaz ass. Dëst bréngt et dann mat sech, datt si op hirer Wanderung eenzel Stroossen mussen iwwerwannen a vill vun dësen Déiercher iwwerliewen dëst net. Méi oder wéineger sinn all dës Platze bekannt, wou si iwwert d'Strooss mussen. Eenzel Stroossen hunn een Tunnel, anerer net. »*

**Introduktioun:**

- Vu Mëtt Februar un, esoubal d'Temperature méi héich ginn (+/- 6°C nuets) an et fiicht ass, wandere virun allem Grasfräschen a brong Mouken op hir Läichplazen, woubäi si méi wéi 2 km wandere kënnen.
- D'Fragmentatioun vun eise Landschaften, notamment duerch d'Präsenz vun engem grousse Verkéiersnetz, verursaacht eng héich Amphibiemortalitéit.
- Et existéiere puer Léisungen, fir dësem entgéint ze wierken, wéi z.B.:
  - Installatioun vu Schëlder;
  - Temporär Stroossespären (tëschent +/- 19.00 bis 7.00);
  - Periodesch Installatioun vun Zénk aus Plastikfolie;
  - Ariichtung vu permanente Léisunge wéi z.B. d'Baue vu Moukentunnellen.
- D'Installatioun vu Leitsystemer a Moukentunnellen ass immens wichteg, trotzdem därf een den Entretien vun dësen Amphibieschutzanlagen net vergiessen. Wann dat net de Fall ass, kënnen dës Strukturen hir Roll net erfëllen. Enn 2018 huet d'Naturverwaltung (ANF) eng Etude an Optrag ginn, déi déi bestoend Strukturen analyséiert a Verbesserungsrecommandatioune proposéiert.

**Gëtt et ee Relevée vun all dëse Stroossen, wou d'Fräschen driwwer wanderen?**

Eng Iwwersiicht vun all deene bekannte Standuerter, wou dëse Problem opgetrueden ass, ass schonn 2003 vum Här Roland Proess am Ferrantia n°37 "Verbreitungsatlas der Amphibien des Großherzogtums Luxemburg" publizéiert ginn. Dës Lëscht war 2016 aktualiséiert ginn, wéi den Här Proess de Ferrantia n°75 publizéiert huet. Béid Lëschte waren zesummen mam Här François Schoentgen, pensionnéierte Mataarbechter vum Ministère du Développement Durable et des Infrastructures, ausgeschafft ginn.

Wahrscheinlech si béid Lëschten net vollstänneg. Sou huet d'ANF Ufangs 2019 d'Initiative ergraff, fir zesumme mat senge Fierschteren méi Donnéeën iwwert dëse Sujet ze sammelen. Och natur&ëmwelt war an dësem Kontext kontaktéiert ginn.

D'Zil ass, fir duerno zesumme mat der Administration des Ponts et Chaussées an den zoustännege Ministèren, dëse Problem esouwäit wéi méiglech ze reduzéieren.

**Wär den Här Minister bereet, kuerzfristeg op eenzel Stroossen en Tunnel unzebrénge bei eenzele Passagen, déi ons bekannt sinn, ewéi tëschent Mamer-Dippech, Foulscht-Préizerdaul oder Wäisswampech-Wilwerdang?**

D'Agente vun de Brigade vun deenen eenzelne regionale Servicer wëssen aus joerelaanger Erfahrung zu wéiengem Zäitpunkt op wéienge Stroossenabschnitter besonnesch vill Fräschen a Mouken ënnerwee sinn. Do wou et méiglech ass, ginn zum Beispill all Joer während gewëssen Zäite wéineg befuere Stroosse gespaart, respektiv Hiweisschëlder fir d'Automobilisten opgestallt.

Et ass och alt op Plaze mat mobile Paraventen op deenen zwou Säite laanscht d'Strooss geschafft ginn. Dee Moment goufen Eemeren an de Buedem gesat, wou d'Fräschen an d'Mouken dragefall sinn an duerno goufe si op déi aner Stroossesäit transportéiert bis iergendwann d'Eemeren eidel bliwwe sinn. Nodeems awer d'Eemeren ëmmer méi oft verschwonne sinn, huet misse mat dëser Method opgehale ginn.

Déi fest Virriichtungen (zum Beispill quadratesch oppe Kulange laanscht d'Strooss a Réier déi ënnert der Strooss duerch op déi aner Säit féieren), déi et de Fräschen a Mouken erlaben, sécher op hir Läichplazen ze kommen, sinn net opgrond vu konkrete Richtlinne gebaut ginn. Si sinn zustanekomm duerch Recommandatioune vun der Natur- a Vulleschutzliga an duerch eng enk Zesummenaarbescht tëschent de Naturschutzorganisatiounen a Ministèren a Verwaltungen, an natierlech duerch d'Bereetstelle vun deenen dozou noutwendege Kreditter. Fir esou Equipementer niewent der Strooss muss natierlech och genuch Plaz zur Verfügung stoen, wat awer net ëmmer de Fall ass.

Doriwwer eraus huet d'Stroossebauverwaltung sech nach ëmmer beméit dofir ze suergen, datt esou wéineg wéi méiglech Fräschen a Mouken op der Streck solle bleiwen.

Als Annex zu dësem Dokument fannt Dir de Relevé vun all de Stroossen, iwwert déi d'Fräsche wanderen, mat de gefrote Renseignementer.

Doraus geet zum Beispill ervir, dass ob 19 Strecke Moukentunnellen („crapaudsducs") gesat sinn an op 30 Plaze Barrièren zum Asaz koumen.

Des Weideren ass d'preliminär Lëscht vun der ANF nach amgaangen ausgeschafft ze ginn, mä se enthält schonn déi folgend <u>zousätzlech</u> Standuerter:

- C.R. 112 Buschdorf - Boevange
- Clervaux - Camping Reiler
- C.R. 118 Lauterbur - Scheitgen
- C.R. 149 Erpeldange - Ellange
- Diekirch Bamerdall - Friedhaff
- C.R. 345 Mertzig - Dellen (Turelbaach)
- C.R. 345 Mertzig - Carelshaff
- C.R. 307 Wahl - Buschrodt
- N. 12 Lehrhaff - Hierheck
- N. 27 Esch-sur-Sûre - Lultzhausen

- Blumenthal
- Fischbach, Plankenhaff
- Geyershaff - Jakobsbierg
- C.R. 306 Glabach - Scheierhaff
- Rameldange, "an der Retsch"
- Zolwer - Ehlerange
- Remerschen
- Ellange, rue de la Gare, rue du Cimetière
- C.R. 119 Schrondweiler - Aechelbuer (Deifebaach)
- C.R. 123 Cruchten - Schleederhaff
- C.R. 123 Cruchten - Essingen
- C.R. 306 Glabach - Scheierhaff
- Steinsel, rue Basse
- C.R. 353 Bastendorf - Braneburg (Weiler)